# Et feelt u politeschem Courage

Zënter **der Grënnung setzt sech Fokus fir eng nohalteg Reform vun der Steierlandschaft an.** Als éischt an bis elo eenzeg Partei hu mir an eisem nationalen Walprogramm kloer gefuerdert, dass eng automatesch Upassung vun der Steiertabell muss stattfannen. **Dat zesummen mat enger Reform vum Index,** well duerch den aktuellen Indexmechanismus a seng Applikatioun d'Schéier tëschent deene klengen an deene grousse Léin permanent weider ausernee geet.

FOKUS fuedert deemno am Walprogramm ee **reforméierte Barème an eng reforméiert Steiertabell**, déi regelméisseg i**nflatiounsberengegt** ginn. Zweck vun dëser Operatioun ass et, fir ënnescht Akommes wäitgoend steierfräi ze kréien (de Mindestloun ganz steierfräi) an d'Progressioun duerch déi mëttler Akommes ze bremsen.

Domat géif een och der sougenannter **"kaler Progressioun" entgéintwierken**, déi doduerch entsteet, datt d'Steiertabellen net mat den Indextranchen ugepasst ginn, mat der Konsequenz, datt de Staat bei jidder neier Indextranche méi Steieren anzitt, wat eng onjustifiéiert Steiererhéijung ass.

Eng Upassung vun der Steiertabell alleng geet awer net duer, well och **den Index vun haut sozial ongerecht** ass.

Esou kritt eng Persoun déi den onqualifizéierte soziale Mindestloun (SSM) vu 2.256 € Brutto pro Mount verdéngt, eng Hausse vu 56 € Brutto am Mount, **deen awer 6 mol méi verdéngt, also 13.536 € Brutto, kritt och 6 mol méi bei der Pai bäi, nämlech 339 €.** Domat geet d'Schéier an de Paie weider ausernaner!

**Dobäi kënnt, datt wann den Wäert vum Wuerekuerf ëm 2.5% netto an d'Luucht geet, d'Indextranche, déi dës Hausse kompenséiere soll dat net mécht.** Als Beispill huele mir e Jonggesell deen 3.000 € brutto am Mount verdéngt, wat him 2.431 € netto mécht. No enger Indextranche vun 2.5% huet dee Salarié dann 3.075 € brutto an 2.479 € netto. Vun den 2.5% brutto kommen also just 1,97% netto bei him un, seng Kafkraaft geet erof, trotz Index.

Fokus wëll, datt e Stot mat engem Akommes, dat dem onqualifizéierte Mindestloun entsprécht, **net nëmmen 2,5% brutto pro Indextranche bäikritt, mee eppes iwwer 3%**. Duerno geet dëse Wäert progressiv, a Funktioun vum Akommes, erof.

**Mat eiser Propos kréien ongeféier 93 % vun de Stéit méi** aus enger Indextranche eraus, wéi dat haut de Fall ass. Zesummen mat enger Upassung vun der Steiertabell feiert eise Modell zu engem nohalteg mei gerechtem Index- a Steiersystem.

**Den Chambersparteien feelt de Courage fir des nohalteg Reformen unzegoen. Fir Fokus féiert awer 2023 keen Wee mei laanscht eng automatesch Upassung vun der Steiertabell an een sozial gerechten Index.**